# EDITORIAL

## Werte Mitbürgerinnen und Mitbürger,

DEMOKRATESCH PARTEI
Miersch

Auf gemeindepolitischem Plan stehen wir kurz vor Abschluss einer Legislativ-Periode und am Anfang eines Wahljahres. Die nächsten Gemeindewahlen finden nämlich am 8. Oktober 2017 statt.

Während der anstehenden Wahlkampagne werden wir mit einer Bilanz auf das Geleistete zurückblicken und mit unserem Programm den Blick nach vorne werfen.

Politik im Allgemeinen und Gemeindepolitik im Besonderen werden leider von einer Mehrheit als eher «nebensächlich» betrachtet; richtig wahrgenommen wird sie erst, wenn sie den Einzelnen direkt betrifft. Dabei kann der Einzelne, vor allem auf Gemeindeebene, viel zu politischen Entscheidungen beitragen.

Es wäre wünschenswert, wenn sich recht viele sachinteressierte Kandidaten im Herbst den Wählerinnen und Wählern stellen würden, natürlich auf der Liste der DP, aber auch auf den Listen der anderen Parteien. Es sollte jedem Kandidaten von Anfang an bewusst sein, dass nicht alle Kandidaten Einzug in den neuen Gemeinderat halten können und dass eine Nichtwahl kein persönliches Debakel darstellt.

Auch die Gewählten sind vor sogenannten „Rückschlägen" nicht gefeit, insbesondere, wenn sie eher unpopuläre Entscheidungen mittragen, wie z. B. letztens den neuen allgemeinen Bebauungsplan, wo sie sich bei verschiedenen nicht berücksichtigten Reklamanten gehörig Sympathien verscherzt haben. Wenn man guten Gewissens im Allgemeininteresse entschieden hat, ist dieser Sympathie-Verlust gut verträglich.

Übrigens wurde der neue allgemeine Bebauungsplan einstimmig verabschiedet, ohne dass hierbei parteipolitische Spielchen getrieben wurden. Leider war dies in anderen Gemeinden nicht der Fall.

Dieser Umstand spiegelt eigentlich gut die Stimmung im Merscher Gemeinderat wieder, der schon seit langem von Schlammschlachten verschont ist, was der Sache nur förderlich ist.

***In diesem Sinne: Es bleibt immer etwas zu tun. Packen wir es gemeinsam an.***

***Die DP-Sektion Mersch***





# Mes engagements

## Chères concitoyennes, chers concitoyens,

Je fais partie depuis plusieurs périodes législatives du conseil communal de Mersch, mais c'est pour la première fois que je me présente devant vous en tant que bourgmestre. Ayant succédé en cours de mandat à Albert Henkel qui a été, pendant douze ans, un grand bâtisseur et un excellent chef d'équipe, je suis conscient que, malgré la situation économiquement saine et politiquement stable que m'a léguée mon prédécesseur, les défis que nous devons relever ensemble restent importants et nombreux.

Ils concernent non seulement nos infrastructures scolaires, sociales, culturelles, sportives, de loisirs, d'activités économiques et de circulation, mais surtout notre vie en commun, que nous devons constamment améliorer et adapter aux nouvelles attentes des quelque 9.200 habitants de notre commune avec ses huit localités.

Si vous me renouvelez la confiance de conduire le prochain collège échevinal, je m'engage à développer encore davantage les infrastructures existantes, en matière d'enseignement et de formation, de culture, de tourisme, de sports et loisirs, d'environnement, de mobilité, afin que vous puissiez trouver dans notre commune une qualité de vie qui sache allier les offres urbaines au bien-être en zone rurale.

Comme je l'ai rappelé récemment en accueillant dans notre commune les nouveaux citoyens, c'est la dimension humaine et interhumaine qui m'importe le plus dans mes responsabilités. Dans notre monde de plus en plus globalisé et où les inégalités vont, hélas, en croissant, il importe plus que jamais que les valeurs fondamentales de notre communauté soient la liberté, la solidarité, la fraternité et l'ouverture à l'autre.

Je souhaite de tout cœur que ces défis soient non seulement déclamés dans les discours politiques, mais vécus au jour le jour par nous tous et que nous, les responsables politiques, nous joignions à la société civile pour faire de ces valeurs des viatiques pour une vie en commun harmonieuse.

En tant que bourgmestre, je désire continuer – ensemble avec vous tous et de quelque opinion politique que vous soyez – à œuvrer au bien-être de notre communauté.

Je suis prêt comme homme politique à prendre mes responsabilités et les décisions qu'il faut. Je voudrais être aussi facilitateur d'initiatives citoyennes et médiateur dans des situations de conflits concernant des intérêts divergents qui peuvent induire des dynamiques de transformation indispensables dans une société qui doit préparer son futur, tout en ne reniant ni son passé ni son patrimoine.

*Michel Malherbe, bourgmestre*



# D'Veräïnsliewen an eiser Gemeng

## Léif Matbiergerinnen a Matbierger,



An dëse schwieregen Zäiten, wou et ëmmer méi schwéier gëtt, flott a fräi zesummen ze liewen, stellen ech mat Freed fest, datt d'Veräinsliewen an eiser Gemeng weiderhi gutt funktionéiert.

Duerch eise Service „Fit Kanner Miersch" an Zesummenaarbecht mat eise Sportsveräïner hu mir et als Gemengeverantwortlech fäerdeg bruecht, op eng flott Manéier, zumindest de Sport an d'Beweegung erëm méi no un eis Kanner ze bréngen. D'Integratioun vun de Kanner mat Migratiounshannergrond funktionéiert op eng wonnerbar Manéier a sollt eis Erwuessenen e Virbild sinn. Als gudde Kenner vum Sport an eiser Gemeng ass dëse Service dann och op d'Suerge vun de Veräïner agaangen, besonnesch beim Recrutement vu jonke Spiller, an huet hinne Pisten ugedeit, wéi een do kënnt virgoen, fir déi richteg Sportaart fir all eenzelt Kand ze fannen.

Mat Houfert huelen ech zur Kenntnis, datt an deene verschiddene Sportaarten, sief et als Equipësportaart wéi am Fussball, am Basket, am Handball an am Dëschtennis den Nowuess stänneg wiisst an och d'Leeschtungen eisen Erwaardungen entspriechen. Och am individuelle Leeschtungssport stelle mir mat Freed fest, datt gutt Performancen erreecht gi sinn. Och dëst Joer huet d'Sportskommissioun vun der Gemeng Miersch déi grouss Éier a Freed gehat, Laureaten z'éieren, déi et 2016 fäerdeg bruecht haten, an hirer Disziplin grouss Leeschtungen ze liwweren. Déi kleng finanziell Unerkennung, déi si bei dëser Éierung kritt hunn, soll en Usporn un déi eenzel Leit oder Equipë sinn, fir am ageschloene Wee weiderzefueren.

Dofir sinn ech och ganz frou, fir Iech kënne matzedeelen, datt dëse Gemengerot op de Wee wäert goen, fir mëttelfristeg en neie Sportskomplex an eiser Gemeng ze plangen an ëmzesetzen. Éischt Terrainskeef an deeër Optik si geschitt. Mir wäerten eise Veräiner en Ëmfeld schafen, fir an adequaten Infrastrukturen hir Sportaart kënnen ze bedreiwen.

Donieft si mir am gaangen, an engem Aarbechtsgrupp d'Subsidë fir d'Veräiner z'iwwerschaffen. Zil ass et, fir de Veräiner nach méi ënnert d'Äerm ze gräifen. Mir wäerten am Sport de Schwéierpunkt op d'Qualitéit vum Encadrement vun de Kanner leeën, mam Wëssen, datt gutt a qualifizéiert Traineren och besser musse rémunereiert ginn an esou d'Käschte vun de Veräiner an d'Luucht ginn.

Eise lokale Pompjeeën e grousse Merci, well si et fäerdeg bruecht hunn, hir Kräften ze bündelen an an engem modern equipéierte Pompjeesbau eise Matbierger, déi an Nout gerode sinn, 24/24 Stonnen zur Verfügung ze stoen. Si sinn ëmmer do, fir Hëllef ze leeschten, wann et vun hinne verlaangt gëtt, an dat ënner dem Motto „Zesumme si mer staark" oder „All fir een an ee fir all". Mat Freed gesinn ech, wéi och do d'Jugendaarbecht grouss geschriwwe gëtt.

Eise kulturelle Veräiner, eiser wonnerbarer Mierscher Musek an eise Gesangsveräiner wëll ech mäin ausdréckleche Merci ausspriече fir hire permanenten Engagement vis-à-vis vun der Gemeng an de Matbierger. Et si si, déi bei alle lokale Feieren duerch hir Präsenz an hiert Kënnen de Feierlechkeeten eng extra Nout ginn.

Bei dëser Geleeënheet wëll ech awer och de Syndicat d'Initiative net vergiessen, deen an engem stännegen Opdriff mat sengen Aktivitéiten ass. Hien ass de Garant fir d'Opliewe vum Tourismus an der Gemeng Miersch.

Der „Union Commerciale et Artisanale" e grousse Merci fir hiren Engagement, fir an engem schwieregen Ëmfeld dat lokaalt Geschäftsliewen z'ënnerstëtzen. Vill Aarbecht, vill Stonnen a vill

Engagement sinn néideg, fir all Joer d'Organisatioun vun der Braderie an anere Kompagnen ze realiséieren. Den alljährege Succès gëtt hinne Satisfaktioun.

Ech kommen awer och net derlaanscht, fir nach emol déi virbildlech Zesummenaarbecht vu den Veräiner beim Balloon Trophy 2016 z'ernimmen. Ech freeën mech elo schonn op déi nächst Editioun, déi mat grousser Wahrscheinlechkeet am Joer 2018 wäert zu Miersch stattfannen.

E leschte Merci wëll ech awer och un all déi aner Veräiner riichten, déi ech net opgezielt hunn, an dat fir hiert Matschaffen, datt Miersch eng lieweg Gemeng bleift, wou et sech lount ze liewen. Mäi Respekt fir all déi Comitésleit, déi hir Zäit a Suen investéieren, fir d'Allgemengheet a fir d'Veräiner um Liewen ze halen. Ech wëll heibäi natierlech och d'Sponsoren an d'Gönner vun de Veräiner mat aschléissen.

***Romain Beringer, Member vum Gemengerot***





## Nei Schoulen a Betreiungsstrukturen

Enn Februar 2016 hu mir am Gemengerot e ganz flotte Projet gestëmmt. Direkt hannert der Schoul Cécile Ries um Krounebierg gëtt eng nei Maison Relais gebaut, wou bis zu 390 Kanner kënne betreit ginn.

D'Aarbechte wäerten am Juni 2017 ufänken, esou datt d'Maison Relais fir d'Rentrée 2019 a Betrib ka goen.

Dëse Projet mat villen Energiespuermoossnahmen, wéi zum Beispill Solarzellen um Daach, Reewaassernotzung, Zwangsbelüftung mat Wärmeréckgewënnung ass leider net vun eise grénge Gemengerots-Kollege mat gestëmmt ginn, wat mir ganz schued fannen. Hirer Meenung no hätten nach méi Moossnamen an dësem Sënn missten ëmgesat ginn. Mir hunn och esou Moossname vum Ingenieurs-Büro analyséiere gelooss, an déi zeréckbehalen, déi den Ëmstänn entspriechend praktesch Sënn maachen.

Houfreg kënne mer och op déi ganz nei Schoul Nic Welter sinn, déi am Hierscht fir d'Zyklen 1 an 2 hir Dieren opgemaach huet, zesumme mat enger Maison Relais, déi bis zu 276 Kanner kann ophuelen.

Et muss och elo schonn un en 3. Schoulcampus geduecht ginn, doduerch, datt de Site Agrozenter eis laangfristeg bis zu 1.800 nei Awunner wäert bréngen an eis Gemeng och soss stänneg méi grouss gëtt.

Mir freeën eis op déi nei Erausfuerderungen, déi nach op eis duerkomme wäerten, a schaffe virun am Sënn vun de Kanner an alle Matbierger vun der Gemeng Miersch, datt Dir Iech sollt alleguerten hei wuelfillen.

***Carine Brosius, Member vum Gemengerot***

# Ass d'Frae-Quote eng Méiglechkeet, méi Frae politesch ze motivéieren?



An de leschte Joerzéngten huet sech um gesellschaftspolitesche Plang villes gedoen, fir de Stellewäert vun de Fraen ze verbesseren. D'Chancëgläichheet, souwuel op der Aarbechtsplaz wéi och an der Politik, ass awer e laange Prozess, dee vill Engagement brauch an nach laang net ofgeschloss ass. Neierdéngs koum d'Iddi op, fir einfach mat „Frae-Quoten" eng méi séier Gläichstellung vu Mann a Fra quasi z'erzwéngen.

Um Aarbechtsmaart kënne Quoten effektiv zimlech einfach ëmgesat ginn, mä am Endeffekt leit d'Bild vun der Fra awer dorënner, an et gëtt nun emol spezifesch Beruffer, wou Fraen oder Männer sech besser dofir eegenen.

En Engagement an der Politik ënnerscheet sech vum Aarbechtsmaart doduerch, datt dee Schratt éischter fräiwëlleg an aus Iwwerzeegung gemaach gëtt. Dowéinst muss een sech d'Fro stellen, ob Wahllëscht-Quoten dee richtege Wee sinn, fir méi Fraen an d'Politik ze kréien.

Wann eng jonk Fra sech fir e politescht Mandat entscheede wëll, muss hiert direkt Ëmfeld, dat heescht un éischter Plaz hir Famill, matspillen. Déi meescht politesch Reunioune sinn nun emol owes, a wann do net de Partner, d'Elteren oder Frënn der jonker Fra hëllefen, fir beispillsweis nom Nowuess ze kucken, kann si sech net esou engagéieren, wéi si dat sécher gäre géif maachen. Dat ass einfach esou, an do kann och keng Maison Relais eng Léisung sinn.

Och finanziell an zäitlech kann sech net all Fra et leeschten, fir an d'Politik eranzeklammen. Oft mussen Iwwerstonne gemaach ginn, fir mat de Suen iwwert d'Ronnen ze kommen, an och e bësselche Fräizäit fir Sport oder soss en Hobby ass néideg als séileschen Ausgläich zur dach ëmmer méi hektescher Aarbechtswelt. Weiderhi brauch all Koppel och Zäit fir sech selwer, soss leit am Endeffekt de Stot dorënner. Heibäi bréngt de Congé Parental schonns eng gutt Léisung, fir méi Mammen et z'erméiglechen, sech politesch z'engagéieren. Eng weider Verbesserung wär d'Eropsetze vun de Stonne vum Congé Politique (souwuel fir d'Fraen ewéi fir d'Männer).

All dat erkläert schlussendlech, firwat vill Fraen eréischt méi spéit an hirem Liewen sech trauen, de Schratt an d'Politik maachen. Si sinn da méi ofgeséchert an iwwerzeegt, fir eng nei Etapp an hirem Liewen ze goen.

Ech selwer hu mech schonns am jonken Alter fir Politik intresséiert. Bedéngt duerch Beruff a Famill hunn ech zwar schonns 1994 d'Sekretariat vun der DP iwwerholl awer eréischt 2011 meng Kandidatur fir d'Gemengewahle gestallt.

**Eng Fra wëll gewielt ginn opgrond vun hirer Aarbecht, déi si am Intressi vun der Gesellschaft an hirer Partei leescht**, a wëll net d'office an e Gemengerot kommen, just well si eng Fra ass!! An der DP gëtt d'Aféierung vun de Quoten dowéinst och éischter als kontraproduktiv ugesinn.

Dës Erfahrung huet och eng vun de grousse Parteie misste maachen. Mam Bus „Madame on Tour, eng Posch voll Ideeën", déi zu enger Posch voll Klischeeë ginn ass, kënnen a wëlle mir Fraen eis net identifizéieren. Do ass de Schoss einfach no hanne lassgaangen, mat engem Shitstorm duerch déi sozial Medien an dem Récktrëtt vun hirer Frae-Presidentin.

***Joëlle Feller-Wilmes, Member vum Gemengerot***



# E Verkéierskonzept fir Miersch

## Miersch verännert sech permanent, an dat ass gutt esou, well Stëllstand heescht Réckstand.

Den haitege Gemengerot an och déi Gemengeréit virdrun, all Kéiers mat enger staarker DP-Besetzung, hu Suerg gedroen, datt esouwuel kuerzfristeg wéi och laangfristeg déi richteg Weiche gestallt gi sinn, fir eise Bierger trotz de ville Verännerungen am lokale Stroosseverkéier ëmmer e Maximum u Liewensqualitéit ze garantéieren.

Mir hunn eis der Aufgab gestallt, e Verkéierskonzept mat den zoustännegen Instanzen an d'Wee ze leeden, dat de Mierscher Uertschaftskär entlaascht, fir esou och eis Geschäftsstrooss erëm „en valeur" ze setzen.

An noer Zukunft wäert d'Rue Grande-Duchesse Charlotte (N7) mat der Route d'Arlon (N8) verbonne ginn an net méi wéi bis elo mat der Rue de Colmar-Berg (N7). Dëst huet de Virdeel, datt esou de Rond-Point beim Topaze um Mierscherbierg entlaascht gëtt. Och gëtt den Autosverkéier op der N7 aus Richtung Rouscht schonn um Verdeeler op d'Autobunn A7 esou guidéiert, datt wann een an den Uertskär wëllt fueren, een d'Ausfahrt Recken benotzt an esou iwwert d'Arelerstrooss bequem, an ouni Stau am Rond-Point Topaze, a Miersch erafiert, sief dat a Richtung Gare oder Uertskäer, wou den Autosfuerer déi nei gebaute Bréck fir an d'Rue des Prés ka benotzen, an dann direkt genuch Parkraum virfënnt.

D'Stäreplaz gëtt an de Spëtzestonne mat enger intelligenter Ampelanlag gesteiert. Duerch agebauten Detektoren an de Stroossen gëtt de Verkéier kontrolléiert, an deementspriechend gi rout Luuchten a Betrib geschalt an och erëm ausgeschalt.

Och op der Héicht vun der Post ännert sech esou muenches. D'Haaptafahrt féiert dann direkt op de Parking vun der Post a vun do aus op de Parking vum Centre Marisca, eng Moossnam, déi de Verkéiersfloss an der Rue Grande-Duchesse Charlotte verbessert.

Da wiere mir bei der laang iwwerfälleger Erneierung vun eiser Geschäftsstrooss. Schrëtt fir Schrëtt, heescht et, elo wou d'Pläng vun de Verwaltunge guttgeheescht gi sinn an den administrative Wee kënne goen. D'Geschäftsstrooss gëtt ëmgebaut, breet Trottoirë suerge fir e Wuelbefanne vum Foussgänger. Beem, déi laanscht d'Strooss ugeplanzt ginn, vermëttelen eng optesch Verbesserung vun der Geschäftsstrooss, déi domadder méi





„wunnlech“ gëtt. Si gëtt esou konzipéiert, datt et an enger zweeter Phase méiglech ass, se ouni grouss baulech Moossnamen an eng „Shared Space“-Zon ëmzewandelen. Eng integréiert Sonorisatioun fir verschidden Evenementer, wéi d‘Braderie oder de Chrëschtmaart, ass mat ageplangt, esou wéi eng modern an energieeffizient Chrëschtbeliichtung.

Mir hunn awer och un den öffentlechen Transport geduecht: zwee Konzepter, den Autosverkéier an den öffentlechen Transport, sollen sech ergänzen.

Eis Gare, also d‘Rue de la Gare, wäert hiert Ausgesinn elo bannent dësem an dem nächste Joer veränneren, dëst zum Virdeel vun eise Bierger, eng Moossnam, déi och eréischt konnt verwierklecht ginn mat der Fäerdegstellung vun der neier rouder Bréck an dem Zougang zum neie Wunnvéierel, do wou soss d’Silozentral doheem war. Op dësem Areal entsteet e Parkhaus, dat jiddereе benotze kann, a fir déi Leit, déi op den öffentlechen Transport ëmklammen, esouguer gratis ass.

D’Plaz virun der Gare gëtt autofräi gemaach *(Bild uewen)*. Et bleift awer eng Spur virun der Gare fir déi Leit, déi mam Privatauto bruecht oder ofgeholl ginn (Kiss and Ride). Eng nei Busgare gëtt um haitegen Autosparking aménagéiert, Parkplaze fir eis behënnert Matbierger wéi och fir Taxie sinn hei och virgesinn.

Fir den Autoschauffeuren ze hëllefen, eng Parkplaz ze fannen, ginn d‘Parkinge rondrëm d‘Gare mat engem intelligente Parkleitsystem gesteiert *(Bild ënnen)*. Mat Hëllef vun dynameschen a stateschen Informatiounstafele gëtt d‘Unzuel vun de fräie



Parkplazen ugewisen. Dëst sinn d'Parkingen op béid Säite vun der neier rouder Bréck, d'Parkhaus an deem neie Wunnvéierel an de Parking um fréiere Fonderiesterrain (Valfond).

Fir datt dës vill Parkméiglechkeete rondrëm d'Gare oder am Uertskäer net vun Dauerparker beluecht ginn, hu mer dru geduecht, eng Kéier „agents municipaux" anzestellen, fir datt all Mënsch an Zukunft eng Parkplaz bei eis zu Miersch fënnt. Dës „agents municipaux" kënnen an enger zweeter Phase duerchaus och sécherheetsrelevant Aufgaben iwwerhuelen, fir eisen Awunner eng gréisstméiglech Sécherheet ze garantéieren an och esou d'Police Grand-Ducale z'entlaaschten.

Léif Bierger, Dir gesitt, mir hu vill vir, villes ass schonn a Planung oder steet scho virun der Verwierklechung, dëst alles am Sënn vum Bierger a fir eis Gemeng esou attraktiv ze maachen ewéi nëmme méiglech.

Mir perséinlech läit dëst Verkéierskonzept besonnesch um Häerz, hunn ech dach heiranner scho vill Engagement investéiert an dofir wier ech frou, wann ech zesumme mat menger Partei och no de Gemengewalen am Oktober, do kinnt virufueren, wou mer opgehalen hunn.

***Henri Krier, Schäffen***



**Comité DP Miersch**

*Op der Foto v.l.n.r.:*
*Joëlle Feller, Albert Henkel, Carine Brosius, Serge Dohm, Daniel Marques, Edouard Maurer, Romain Beringer, Nico Kass, Henri Krier, Lucien Schroeder, Michel Malherbe, Véronique Maurer, Jean Straus, Guy Legener*